

Association Luxembourgeoise des Art-thérapeutes Diplômés a.s.b.l. - Questionnaire

Prinzipiell kann ee soen, datt d'ADR sech alternativen Therapieformen net verschléisst. Mir sinn och der Meenung, datt d'Patiente mussen d'Fräiheet hunn, sech mat där Method behandeln oder hëllefen ze loossen, déi hinne richteg erschéngt, esoulaang dat net zu engem gesondheetleche Risiko fir si ka ginn oder et sech net ëm eng evident Scharlatanerie handelt. Dowéinst ass en entspreechende gesetzleche Kader wichteg. Et ass schliisslech och fir d'Geneesung wichteg, datt de Patient Vertrauen an d'Behandlung/Therapie huet.

Am Dialog mat alle concernéierten Acteure wëll d'ADR de rechtliche Kader fir esou alternativ Therapieformen am Sënn vun enger besserer Ënnerstëtzung an Unerkennung iwwerschaffen an domat och de Patienten d'Méiglechkeet ginn, déi Therapieforme fir sech ze wielen, deene si am meeschte vertrauen. D'Gesondheetskeess soll och dës Behandlungen/Therapië wéinstens zum Deel iwwerhuelen.

D'ADR ënnerstëtzt natierlech eng multidisziplinär Gesondheetsversuergung. Dobäi geet et awer net duer, eng villfältig Offer ze promovéieren, wann dëser an der Praxis net Rechnung ka gedroe ginn.

Mir sinn eis awer och bewusst, datt haut schonn am gesamte Gesondheetssecteur, an domat och am Beräich vun der mentaler Gesondheet, e staarke Manktem u qualifiziertem Personal besteet. Et geet also net duer, Therapieformen ze ënnerstëtzen, et muss dann och dat néidegt an entspreechend forméiert Personal zur Verfügung stoen, zu de selwechte Konditiounen (z.B. Sproochkenntnesser), wéi d'ADR et vun deem reschtliche Gesondheetspersonal zu Lëtzebuerg erwaart.

An deem Sënn wéilte mir fir d'éischt eng Analys zu den Erfarungen an den Erfolleger maachen, déi mat esou Therapieformen hei an och am Ausland gemaach an erreecht gi sinn. Des Weidere géife mir iwwerpräiwen, wéi d'Nofro hei zu Lëtzebuerg ausgesäit, dëst esouwuel, fir esou Therapieformen unzebidden ewéi och, fir als Client/Patient dovun ze profitéieren. Wéi déi konkret Mesuren ausgesinn, hänkt vum Resultat vun där Analys of.

Wa sech erausstellt, wouvu mir ausginn, datt esou Therapieformen zu gudde Resultater féieren, an datt och eng Nofro besteet, denke mir, datt si och mussen an d'Nomenklatur vun de Gesondheetsberuffer opgeholl ginn.